Lëtzebuerg, den 30.03.2020

Léif Kolleeginnen a Kolleegen Enseignanten!
Léif Elteren!
Léif Journalisten!

Manner ass méi!

Mir sinn an enger ongewéinlecher Situatioun, a well ongewéinlech Situatiounen och kreativ Léisunge brauchen, hunn d'Leit an de leschten Deeg hirer Kreativitéit fräie Laf gelooss : "Enseignement à distance", Schoul doheem, Telefonskonferenz, "Online-Chat", … quasi onbegrenzt Méiglechkeeten, déi am Fong dofir geduecht sinn, déi
Unterrechtszäit, déi elo ausfält, ze kompenséieren. De Kanner hire Léierprozess sollt och an Zäite vun der Corona-Kris kënne virugoen.

Déi nei Technologië ginn eis onendlech vill Moyenen. Alles schéin a gutt.

Allerdéngs musse mir awer och bedenken, datt nach laang net all Famill e kompletten
IT-Equipement doheem huet, datt nach laang net all Haushalt e puer Computeren, Tabletten, Drucker, Smartphone etc. zur Verfügung huet. Och soll net vergiess ginn, dass net all d'Kanner oder hir Elteren iwwert déi néideg informatesch Kompetenze verfüge fir déi sëllege Plattformen an Applikatioune sënnvoll ze notzen.

Mir sollten och un d'Situatioun vun deenen Elteren denken, déi méi Kanner doheem hunn, wa méiglech nach a verschiddenen « Ordres d'enseignement ». Eng ganz Rei Eltere mussen trotz Corona-Kris schaffen, eventuell souguer vill Iwwerstonne leeschten, grad an dësen Zäiten. Hei kann aus der Erausfuerderung och séier eng Iwwerfuerderung ginn. Vill Elteren hei am Land beherrschen och net all d'Sproochen, déi an der ëffentlecher Schoul enseignéiert ginn. Dës Eltere kënnen deemno hire Kanner net déi néideg Ënnerstëtzung an Hëllefstellunge bidden, déi si brauchen.

Den sne plädéiert…
… fir en "Homeschooling" mat Aemooss, esou datt d'Kanner net all Dag an all Fach mussen Aufgabe maachen. D'Offere sollen doheem flexibel dem neien Dagesrhythmus kënnen ugepasst an integréiert ginn.
… fir Schoulaufgaben, déi och doheem realiséierbar sinn: einfach gehalen, ouni grousse Materialopwand an ouni dass Material extra dofir muss kaf ginn.
… fir eng gewësse Fräiwëllegkeet am Ëmgank mat Zousazofferen, déi am Moment wéi Champignonen aus dem Buedem schéissen.

… dofir, datt d'Kanner, d'Elteren an d'Enseignanten och emol eng Paus dierfe maachen an net permanent an enger "Schoul-Doheem-Situatioun" liewen.
… dofir, datt och Enseignanten net permanent mussen "online" sinn an zur Verfügung stoen.
… fir d'Anhale vun de Schoulvakanzen, fir dass d'Schüler, d'Elteren an d'Enseignanten
och emol zur Rou komme kënnen.

Wa mir alleguer verstänneg mat de Méiglechkeeten ëmginn, da bleift eis och nach Zäit fir mat där neier Liewenssituatioun responsabel ëmzegoen.

D'Famille sollen Zäit fannen…
… e richtegt Familljeliewen ze hunn.
… e Gank zréckzeschalten, och fir dës Kris ze reflektéieren.
… spadséieren ze goen an d'Rou an der Natur ze genéissen, esou wéi erlaabt, mat zwee Meter Distanz zu anere Matmënschen, fir sech un déi nei Situatioun ze gewinnen.

D'Kanner sollen Zäit behalen, Kand ze sinn. Rou, Gedold a sech Zäit huelen hate bis elo
kee grousse Stellewäert an eiser Gesellschaft. D'Corona-Kris ass eng gutt Geleeënheet fir ënnert anerem doriwwer nozedenken.

Manner ass méi!

De Comité central vum sne/cgfp